



Memberstaten. De Prinzip vun der Reconnaissance mutuelle steet a fält mat deem Vertrauen. Vertrauen, dass d'Strofen no dem Ausliwwere vu Persounen an hiert Heemechtsland korrekt applizéiert ginn. Vertrauen awer och, dass d'Mënscherechter zu all Moment vun enger Prozedur am Kader vum Principe de reconnaissance mutuelle respektéiert ginn.

Et ass wichteg, dass mir mat dësem Projet de loi net nëmmen e weidere Schratt a Richtung europäesche Rechtsraum gemaach hunn, mä dass och d'Rechter vun de concernéierte Persounen am Kader vum Principe de reconnaissance mutuelle gestärkt goufen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun fir dëse Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An éischt ageschriww Riednerin ass d'Madame Octavie Modert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Merci, Här President. Ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport an den Accord vun der CSV-Fraktioun ukënnegen, well dat hei e Gesetz ass, wat eng Rei positiv Elementer mat sech bréngt a biert.

Et ass sécherlech fir d'Alleréisch emol e weidere Mosaiksteen um Wee fir den europäesche Rechtsraum. Et stärkt och déi prozedural Rechter vun de Betraffenen, an et ass geduecht, fir deenen hir sozial Reintegratioun an hirem Heemechtsland eigentlech ze fërderen, onofhängeg dovun, datt och eng Vereinfachung vun de Prozeduren insgesamt virgesinn ass.

Dëst Gesetz kann also ganz interessant a praktesch fir Lëtzebuerg sinn. Et bleift sécherlech awer ze kucken, ob a wéi vill drop zrëckgegraff gi wäert hei am Land, respektiv wéi et sech an der Praxis entwickele wäert.

Meng Fro un den Här Minister, zum Ofschloss: Hutt Dir eventuell aktualiséiert, aktuell an aktualiséiert Statistike vun Transferten op Lëtzebuerg hin, op där enger Sait, respektiv vu Lëtzebuerg en application vun den haut scho bestehende Konventionen an der Gesetzgebung, déi schonn a Kraaft ass op anere Punkten natierlech wéi deem vun der Peine de substitution?

Merci. A wéi gesot den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Modert. Den nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Rapporteur, dem Här Arendt, Merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

Dat hei ass, mengen ech, e Projet, deen net fir grouss parteipolitesch Auseenansetzungen suergt, mengen ech, well et e gutt Beispill ass, wéi Europa och am Justiz- a Sécherheetsberäich eis ka weiderbréngen. Well, wann d'Länner op sech gestallt wäeren, fir un déi dote Froen erunzegoen, da wär et sécherlech vill méi schwéier, eng schnell Äntwert ze fanne bei der praktescher Fro: Wéi kann een Uerteeler unerkenne respektiv ausféieren, déi an engem anere Land geholl si ginn?

(Problèmes techniques de sonorisation)

...spezifesch Beräich, wéi ee kann eenzel Uerteeler am Strofberäich exekutéieren.

Et huet sech, mengen ech, och als richtig erweisen, dass een an deem ganze Beräich vun deem europäesche Rechtsraum net op de Wee gaangen ass, fir eigentlech eng Harmoniséierung vun deene sëllegen nationale Bestëmmungen unzestriewen, wat bal zu 28 onméiglech wär, fir ze maachen, mä dass ee gesot huet: Mir kucken haaptsächlech virunzokommen am Unerkennen, am géigesäitegen Unerkennen vun Décisiounen, déi an anere Memberstate geholl si ginn. Genau dat gëtt hei gemaach. An dat ass, mengen ech, dee richteg Wee. An dat ass konkret och eppes, wat fir Lëtzebuerg ka spillen.

Et ass schonn drop opmierksam gemaach ginn, et ass also net reng Theorie, mä dat hei ass eng Dispositioun, eng Décision-cadre. Et sinn Décision-cadren, déi sécherlech och hire prakteschen Notze wäerten hunn, wann et drëm geet, notament och ze gewährleeschten, dass bei Leit, déi hei zu Lëtzebuerg veruerteelt gi sinn, u sech dann och déi Bedéngungen, déi an deem Uerteel festgeluecht si ginn, herno och kënnen dann an engem anere Land weiderverfollegt ginn.

Et ass also eppes, wat wichteg ass, an duerfir wäert dat dote den Accord vun der LSAP-Fraktioun fannen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bodry. An ageschriwwen ass dann d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Och am Numm vun der grénger Fraktioun e Merci un den Här Arendt als Rapporteur. An den Accord vun der Fraktioun ginn ech och gär.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Loschetter. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

(Interruption)

Ah, jo, ma da si mer fäerdeg mat der allgemenger Diskussioun. D'Wuert huet den Här Justizminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, dem Guy Arendt, dee wierklech ganz explizit an och am Detail de Projet virgedroen huet. Ech wëll dann och dat net widerhuelen.

Ech wëll just op een, zwee Aspekter hiweisen. Den éischten, op deen ass den Alex Bodry och scho kuerz agaangen, fir drun ze erënneren, dass vun Tampere un 1999 d'Ambitioun, de gemeinsamen europäesche Rechtsraum a Raum fir Sécherheet a Fräiheet opzebauen, dass dee Versuch sécher kee lichten ass, mä et ass awer mat Sécherheet e Beräich, wou et Sënn mécht.

De Beräich vun der Justice ass een, deen am Alldag vun de Bierger eng grouss Bedeitung huet a wou Fortschrëtt ganz oft kënnen e praktesche Mehrwäert hunn. Zu Tampere ass och d'Optioun geholl ginn, fir net onbedéngt ze probéieren, d'Legislatiounen an den 28 Länner all Kéiers mussen ze änneren, mä dass ee géif probéieren, iwwert dat méi souple Instrument vun der géigesäiteger Unerkennung wëlen ze fueren, notament am Beräich vun de Gerichtsdecisiounen.

Déi géigesäiteg Unerkennung gëtt et. Hei gëtt se elo eigentlech preziséiert am Beräich vu Mesuren, déi eng Strof applizéieren, am Beräich vu Mesures de probation an anerer. D'Finalitéit dovun ass eng, mengen ech, déi mer alleguerte kënnen ënnerstëtzen.

D'Finalitéit ass am Fong och déi, deene betrafene Condamnéierten hir Rehabilitatioun, hir Resozialisatioun och doduerch kënnen ze erlichteren, datt se eventuell déi aménagéiert Peinen och an hirem eigentleche Pays de résidence kënnen ausfëllen. Dat, mengen ech, ass richtig. Et ass en Instrument, wat keen Zwang ausüübt. Et ass kee forcéiert, dat ze maachen, mä et ass eng Méiglechkeet, déi geschafe gëtt, an zwar bei deenen, wou et sech géif positiv kënnen auswirken.

Lëtzebuerg huet bei dëser Dispositioun vläicht en Intérêt, dee statistesch e bësse méi grouss ass, wéi dee vun anere Länner. Mir hunn zu Schraasseg vill Leit, déi keng Lëtzebuerger Résidentë sinn. An domat mengen ech net Leit, déi hei zu Lëtzebuerg als Lëtzebuerger Résident condamnéiert gi sinn, mä Leit, déi wierklech och virun hirer Condamnatioun keng Lëtzebuerger Résidentë waren. Déi kënnen vun dëser Mesure Gebrauch maachen.

Fir Lëtzebuerg géif dat bedeuten, dass vläicht méi Leit net méi hei zu Lëtzebuerg vun de Lëtzebuerger Autoritéite misste kontrolléiert ginn an am A behale ginn. Dat wär mat Sécherheet eng Erlichterung. Dofir, iwwert déi nobel Grënn eraus, gëtt et och fir Lëtzebuerg schonns praktesch Grënn, fir dës Legislatioun, dëst Stéck europäesch Legislatioun ze ënnerstëtzen.

Dofir, mengen ech, ass et och gutt, wann hei am Haus eng Eestëmmegkeet ass op där doter Fro. Dat gesot, nach eng Kéier Merci fir d'Ënnerstëtzung.

D'Fro vun der Madame Modert: Ech hunn déi aktuell Zuel net. Déi misst ech beim Procureur général froen. Ech maachen dat, an dann, wann Der d'accord sidd, géife mer lech déi aktualiséiert Zuelen an der nächster Commission juridique matdeelen.

Dat gesot, Merci fir d'Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6677 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6677 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwuer.

De Projet de loi 6677 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nancy Arendt), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen).

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Ass de Wonsch do, fir d'Abstentiounen ze motivéieren?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da bleift mir just nach d'Fro ze stellen, ob mer dem Projet d'Dispens vum zweete Vote ginn.

(Assentiment)

Ma dann ass dat esou décidéiert. Villmools Merci.

Mir kommen dann zum nächste Projet. Dat ass de Projet de loi 6724. An do geet et ëm Amendementer zum Protokoll iwwert d'Konvention, déi d'grenziwwerschreidender Loftverschmutzung duerch Schwéiermetaller betrëfft. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, den Här Roger Negri.

8. 6724 - Projet de loi portant approbation des amendements au texte et aux annexes autres que III et VII du Protocole à la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, de 1979, relatif aux métaux lourds, signé à Aarhus, le 24 juin 1998

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schwéiermetaller, Bläi, Cadmium a Quecksilwer sinn déi dräi toxesche Schwéiermetaller, déi eis Loft am meeschte polluéieren, an dat och iwwer laang Distanzen ewech.

Den Objet vum Projet de loi vun haut ass deemno d'Approbatioun vun enger Rei vun Amendementer vum Protokoll iwwert d'Schwéiermetaller, déi de 24. Juni 1998 zu Aarhus ënnerschriwwen gi sinn. Dee Protokoll war den Objet vum Gesetz vum 24. Dezember 1999 an ass den 29. Dezember 2003 a Kraaft getrueden.

Et handelt sech prezis ëm Amendementer vun den Annexen II, IV, V a VI, déi den 13. Dezember 2012 zu Genève op der 31. Sessioun vun der Exekutiv iwwert d'Konvention vun der grenziwwerschreidender Loftverschmutzung op laang Distanz adoptéiert goufen. De franséischen Numm dovun ass „Organe exécutif de la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance“ an ass materialiséiert duerch d'Décisioun 2012/5.

Och wann et sech ëm eng Formalitéit handelt, déi allerdéngs awer zimlech technesch ass, erlaben ech mer, e bësse méi wäit auszuhuelen, fir dee legislativen Akt vun haut an de Kontext ze setzen.

Grondsätzlech geet et ëm den internationalen Effort, fir d'Loftverschmutzung ze reduzéieren. D'Loftverschmutzung huet ganz grav Auswierkungen op eis Gesondheet, op déi natierlech Émwelt an och op d'Ekonomie. Sou verursaacht d'Loftverschmutzung Gesondheetsproblemer um Niveau vun den Otemweeër an och Häerz-kreeslafproblemer a beanträchtegt do derniewent d'Planzen- an d'Déierewelt a schielegt och eis Ökosystemer. Vun de Wirtschaftssektoren ass besonnesch d'Landwirtschaft betrëfft.

Aus där Erkenntnis eraus hu schonn 1979 déi europäesch Staten, d'USA, Kanada an d'Sowjetunioun zu Genève eng Konvention

ënnerschriwwen, déi géint eng wäitraimeg, grenziwwerschreidender Loftverschmutzung sech agesat huet. Dës Konventioun ass de 16. März 1986 a Kraaft getrueden. 51 State sinn haut un dës Konventioun gebonnen.

D'Anhale vun der Konventioun gëtt vun der Wirtschaftskommissioun fir Europa vun de Vereenegten Natiounen iwwerwaacht. Op Basis vun der Konventioun goufen eng Rei vu Protokoller ausgeschafft, déi sech mat méi spezifeschen Aspekter vun der Loftverschmutzung beschäftegen, wéi zum Beispill Schwiefelmissiounen oder Stéckstoffemissiounen oder, wéi am Fall vum Aarhus-Protokoll, ëm deen et jo haut geet, mat den Emissiounen vun de Schwéiermetaller Bläi, Cadmium a Quecksilwer.

Dës dräi Schwéiermetaller gëllen als besonnesch toxesche. Mir huele se zum Deel iwwert d'Loft, awer och iwwer Liewensmëttel op. Si räichere sech am Kierper un a brénge schwéierwiegend Gesondheitsrisiken mat sech. Et ass also deemno wichteg, dass weltwäit gekuckt gëtt, wat déi wichtegst Emissiounsquellen vun dëse Schwéiermetaller sinn, fir dann déi Emissiounen och konsequent ze reduzéieren. Genau dat geschitt am Kader vum Aarhus-Protokoll.

Mat dem Baitrieden zu deem Protokoll hu sech d'State verpflichtet, hir Emissiounen vun deenen dräi Schwéiermetaller ënnert d'Wäerter vun 1990 ze reduzéieren. Beträff sinn un éischer Stell bestëmmten Typen vun Industrieanlagen, woubäi duerch d'Verbrennungsprozesser héich Emissiounen entstinn. Dat si virun allem d'Kraaftwierker am Energieberäich, der Stolindustrie, Cimeterien an esou weider, awer och Müllverbrennungsanlagen oder - zum Gléck ëmmer manner - Länner, déi nach mat verbläitem Bensin an hiren Autoe fueren.

E Schwéierpunkt vum Aarhus-Protokoll ass et, dass an deenen Anlagen déi beschtméiglech Technologien, „meilleures techniques disponibles“, agesat ginn, fir d'Emissiounen esou geréng wéi méiglech ze halen, mä eben och, esou wéi dat beim verbläitem Bensin ass, fir virun allem op den Asaz vun deene Schwéiermetaller ze verzichten. D'Palett vun deene betraffene Produiten ass ganz grouss. Dat kënnen Batterieën sinn, dat kënnen Moossinstrumenter sinn, dat kënnen Pestizide sinn, Faarwen an esou weider.

D'Amendementer, deene mer mat dem virleiede Projet de loi vun haut zoustëmmen, betreffen als Hauptpunkten d'Grenzwäerter, déi bindend mussen aeghale ginn. Et gëtt Referenz gemaach op en Orientéierungsdokument, dat déi beschtméiglech Technologien definéiert a regelméissig kann ugepasst ginn. D'Zil ass et, d'Exigence vum Protokoll entsprecher der technescher Entwécklung eropzeschrauwen, fir dass e realen Ureiz bestoe bleift, weider Efforten ze maachen, fir d'Emissiounen vun dëse Schwéiermetaller ze reduzéieren.

Doduerch, dass déi méi streng Normen zum Deel nëmme fir déi State verbindlech sinn, déi déi ugesprachen Amendementer och unhuelen, oder verschidden Transitionssphasen bestinn, déi haaptsächlech bis den 31. Dezember 2019 ginn, ass fir déi Staten, déi dem Protokoll elo nei Baitriede wëllen, domat méi e groussen Ureiz geschafe ginn. An déi State sollen domat encouragéiert ginn, sech dem Protokoll unzeschléissen.

Et ass ganz wichteg, dass mir hei zu Lëtzebuerg d'Approbatioun zu dësen Amendementer ginn, well dës eréischt kënnen a Kraaft treden, wann zwee Drëttel vun de Staten, déi schonn de Protokoll ugeholl hunn, och d'Amendementer guttheeschen.

D'Valeurs limites d'émission, ofgekierzt VLE, ginn a Milligramm pro Meter Kibb pro Joer ausgedréckt a stinn an der Annex V vum Protokoll. Ech erspueren lech, déi elo all opzezielen, well d'Transpositioun vum Gesetz jo och an engem eenzegen Artikel resüméiert ass, nämlech der unilateraler Iwwerhuelung vun den Amendementer vum Protokoll iwwer Schwéiermetaller vum 13. Dezember 2012 zu Genf.

Här President, an der Praxis ännert sech fir Lëtzebuerg am Fong duerch dat Gesetz vun haut net wierklech eppes. Eis gesetzlech Normen, wat d'Schwéiermetaller betrëfft, leede sech schonn aus EU-Direktiven a -Reglementer of, déi dem Protokoll vun Aarhus a groussen Deeler schonn e Schratt virusinn. Esou zum Beispill d'Direktiv 2009/30 iwwert d'Qualitéit vun de Carburanten; d'Direktiv 2006/66 iwwert d'Batterien an d'Accumulateuren, d'Akkuen also; d'Direktiven 2012/96 an 2011/65 iwwer elektresch an elektronesch Offälle, an dann déi ganz Direktiven am Kader vu REACH iwwer chemesch Produiten, déi mer jo hei an der Chamber schonn ëmgesat hunn.

Woubäi besonnesch nach ervirzehiewen ass, am Beräich vun de méilleures Techniques disponibles, dass duerch eis Emsetzung vun de Gesetzter vum 6. Januar 2011 an 9. Mee 2014



de Beräich vun den industriellen Emissiounen fir d'Stolindustrie, Klinker, Zement an Haushaltsof-fall den Emissionslimitte vum Protokoll scho méi laang ënnerläit. Déi Norme sinn deemno elo scho konform mat deene geplangten Amen-dementer oder si gi scho ganz oft doriwwer eraus.

Um EU-Niveau muss just nach d'Konventioun vu Minamata iwwert de Quecksëlwer ëmgesat ginn, wat eng Adaptatioun vun engem entspreichenden EU-Reglement verlaangt, mä dës Reglementer si jo dann och direkt applika-bel.

Et bleift déi erfreetlech Feststellung, dass d'Emissiounen vu Schwéiermetaller an deene leschte Jorzéngten effektiv drastesch zrëckgaange sinn an dass all déi Efforten, fir toxesch Stoffen no an no duerch manner schiedlech Produiten ze ersetzen, an d'Reduktioun vun dësen Emissiounen duerch optiméiert Verbrennungsprozesser a bes-ser Filteranlagen effektiv hir Friichten droen.

Dee Fortschrëtt muss virugeen. Déi am wäitsten entwéckelt Länner dierfe sech net op hire Lor-beeren ausrouen a mussen den Drock op d'Ver-ursaacher vun toxesch Emissiounen weider héichhalen. Gläichzäiteg mussen Efforte ge-maach ginn, fir d'Länner, déi nach net esou wäit sinn, esou schnell ewéi méiglech mat op de leschte Stand vun der Technik ze bréngen respek-tiv ze begleeden.

An domat, Här President, ginn ech den Accord vu menger LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Negri. An d'Wuert huet den Här Marcel Oberweis als éischten ageschriwwene Riedner.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer um Ufank, wéi ëmmer, dem Roger Negri Merci ze soe fir dee mëndlechen an och dee schréftleche Rapport, deen hei virgedroe ginn ass. Hien huet déi wichtegst Elementer schonn hei virgedroen.

Ech erlabe mer just nach, e puer Punkten der-bäizesetzen, déi iwwert de Kontext erausginn. De Gesetzesprojet selwer traitéiert jo e wich-tegt Element vun der nohalteger Entwécklung, notament d'Belaaschtung vun der Ëmwelt, an hei am Speziellen de grenziwwerscheiden-den Transport vu Schuedstoff an der Atmos-phär. An dës stelle jo, wéi gesot, eng grouss Gefor fir de Mënsch an och fir d'Ëmwelt duer.

D'Amendementer, déi hei virgedroe si ginn, vun der Aarhus-Konventioun, berouen awer, wéi hei och gesot ginn ass, op der Konventioun iwwert déi grenziwwerscheidend atmosphä-resch Verschmutzung vum 13. November 1979. Dës huet sech deemools am Speziellen op d'Emissioun vum Schwefeldioxid bezunn, well erkannt ginn ass, dass de Gas grouss Schied op de Mënsch an op d'Ëmwelt, no-tamment op d'Bëschstierwen, ervirgeruff huet. Dat war, wéi gesot, an de 70er Joren.

Net vergiesse mer - ech hunn e bëssen noge-sicht gehat: Dës Konventioun huet awer als Grondlag déi schlëmmste Smog-Katastroph zu London. An do sinn, tëschent dem 5. an dem 9. Dezember am Joer '52, ronn 12.000 Mën-sche gestuerwen. An dat huet, no 30 Joer eréischt, bal 30 Joer, d'Entwécklung vun der Konventioun an d'Liewe geruff.

Mëttlerweil ginn all Ustrengungen ënnerholl, fir d'Emissiounen vu Schwéiermetaller, wéi gesot Cadmium, Bläi, Zénk a Quecksëlwer an déi me-tallesch Legéierungen, ze reduzéieren. Et gëtt dofir an dësem Gesetzesprojet ervirgehewen, bei de Betriber, notament d'Industrien, déi beschtméiglech Technologien anzesetzen, fir esou dës Emissiounen un de Quelle schonn ze reduzéieren, esou wäit wéi méiglech. Wat de Quecksëlwer ubelaangt, esou ass gesot ginn, dass d'Konventioun vu Minamata ze ënner-schreiw ass. Da kann och déi Saach an de Grëff geholl ginn.

Mä wa mir bei de Betriber esou streng Oplage maachen, misst een och hannerfroen, wéi mer bei den Haushalter mam Verkéier verbleiwen. Well just beim Verkéier bleiwen ech hänken hei. Duerch den LKW- an de PKW-Verkéier gi grouss Mengte vu Schuedstoff an d'Atmosphär ausgesat, a mëttlerweil hu mer erkannt, dass niewent den Ofgasen och Feinpartikelen a sou-guer Ultrafeinpartikelen de Mënschen an der Ëmwelt d'Liewe sauer maachen. Et gi wuel mëttlerweil gutt Technologien, fir e groussen Deel zrëckzebehalen, awer mir kënnen net ver-hënnere, dass grouss Mengten, Tonnen an d'Longe vun de Mënsche kommen an do ge-féierlech Krankheeten erviruffen.

An deem Zesummenhang zwee Beispiller. Déi lescht Woch huet an der Belsch eng Informa-tioun fir vill Oprou gesuergt: d'Emissiounen

Ultrafeinpartikelen duerch d'Verbrenne vu Ke-rosin um Flughaf vum Zaventem. Et ass nämlech festgestallt ginn duerch Etüden, dass e Fliger vum Typ 747 - där landen och bei ons hei - tëschent 1,5 bis 2,5 Tonne Kerosin während dem Décollage - schlecht - verbrennt. Niewent den CO₂-Emissiounen kënn et och dann zu der Emissioun vun Ultrafeinpartikelen, déi ongebrems an d'Longesystemer vun de Mënschen andréngen, déi ronderëm de Flug-hafe vun Zaventem liewen.

Engem Artikel aus der Dagespress, kuerz drop, konnt een enthuelen, dass d'Feinpartikelen duerch d'Verbrennen an och d'Emissiounen vu Schwéiermetaller de fréizäitegen Doud vu ronn 430.000 Mënschen an der Europäescher Unioun erviruffen. Dës Feinpartikelen an Ul-trafeinpartikelen sinn d'Resultat vun enger schlechter Verbrennung vu fossille Brennstoffen.

A souguer d'WHO ass op de Plang getrueden an huet gesot: D'Loftverschmutzung dréit weltwäit zu dem gréissten Gesondheetsrisiko bäi a rëfft de fréizäitegen Doud vu ronn siwe Mil-liounen Mënschen ervir. Duerch d'Loftqualitéit!

Wa mir se bei ons verbessern, Dir Dammen an Dir Hären, wann Der eng kéier an d'Drëtt Welt gitt, do kënn Der erliwien, wat sech nach do vill ofspillt. An och do musse mer dann déi bescht Technologien uwenden.

Eng ganz rezent Etüd vum Wëssenschaftler Jean-Noël Lebrun iwwert de Flughafen Schip-hol seet da Folgendes: D'Mortalitéit duerch déi héich Ëmweltbelaaschtungen an d'Feinparti-kele ronderëm de Flughafen ass 3 bis 6% méi héich wéi dat gréisst Ëmfeld.

Meng Fro dofir: Misste mir net, niewent den Emissiounen vu Schwéiermetaller, déi mir an de Betriber ëmmer weider reduzéieren an déi duerch de Wand jo ronderëmgedroe ginn, och dës Emissiounen bei de Flughäfen, wou aner Saachen opriede kënnen, méi staark an de Mëttelpunkt vun eisen ökologesche Be-truechtungen setzen, wuel wëssend, dass och do ökonomesch Iwwerleedungen hannendru sinn?

Dat gesot, soen ech nach eng kéier Merci fir d'Nolauschteren, ginn den Accord vun onser Fraktioun, a Merci villmools.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Oberweis. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, Här Pre-sident, fir d'Éischt wëll ech dem Här Rapporteur Merci soe fir säi schréftlechen, awer insbeson-dere fir säi mëndleche Rapport. Do ass alles ge-sot ginn. Och dem Virriedner hei, dem Här Oberweis, nach eng kéier Merci fir déi Explika-tiounen dozou.

An ech bréngen den Accord vun eiser Frak-tioun, deene Gréngen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Kox. Nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Wann e Rapport esou komplett ass, wéi deen heite vum Kolleeg Ro-ger Negri, da bleift net vill ze soen. Ech géif et eigentlech op zwou Saachen beschränken: déi eng ass, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir deen ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport, an op där anerer Säit ginn ech heimat dann och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Hahn. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus en härezeleche Merci un de Rapporteur fir dee komplette Rapport.

Eng Fro wollte mer stellen, an déi betrëfft den Artikel 15 Paragraf 3, wou eng nei Prozedur virgesinn ass: d'Procédure accélérée. Wa mir eis elo mat deem Approbationsinstrument, wat mer haut hei decidéieren, d'accord erklären, mat der Applikatioun vun deenen neie Regeln an der Konventioun, musse mer eis awer d'Fro stellen, wéi wäit dat am nationale Recht sënnavoll ass, wa mer net esou eng Erklärung no Artikel 15 ofginn, well jo viles iwwer europäesch Re-glementer an dësem Beräich geregelt ass.

Et wär also d'Fro un d'Regierung, ob mer net als Lëtzebuerg misste bal eng Erklärung no Arti-kel 15 ofginn, fir net der Legislatioun um Euro-päesche Plang..., also, fir kohärent da kënnen um europäesche Plang virzegoen, wann all EU-Memberstat dann och esou eng Erklärung ofgëtt. Ech mengen, dat wär, am Sënn vun der Kohärenz vun eiser Legislatioun, an dësem Beräich vläicht nach ze berücksichtegen.

Also dofir d'Fro un d'Regierung: Wëllt d'Regie-rung beim Dépôt vum Approbationsinstru-ment eng Erklärung no Artikel 15 Alinea 3 of-ginn oder net?

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. A leschte Riedner ass den Här Justin Tur-pel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Déi Aarhus-Konventioun, zu där mer hei zwéin Zousätz ofstëmmen, ass eng immens wichteg Konventioun, huet se dach erlaabt, fir grad am Beräich vun der Informatioun vun der Effentlechkeet wierklech ee grouss Schrack no vir ze maachen, den Zougang vun der Effent-lechkeet zu Ëmweltdaten, deen hei wierklech emol eng kéier geregelt ginn ass, och wann en nach net ëmmer esou Applikatioun fënnt, wéi jiddweree sech dat erwaart.

Mä ech ginn och dervun aus, dass mer zu Lët-zebuerg déi Diskussioun och kréien, spéitstens dann, wa mer iwwert de Projet de loi iwwert den Zougang vun de Bierger zu den Informa-tiounen vum Stat, de Gemengen an esou weider diskutéieren, fir dann déi Lacunnen, déi do be-stinn, och nach ze behiewen.

Zweetens ass et esou, dass an deem, wat mer haut hei ofstëmmen, do och eng Rei Verbesse-runge virgesi sinn, wat d'Grenzweierter ugeet, wou also ee ka feststellen, dass et eng Tendenz gëtt och zu der Verbesserung vun deene Wäer-ter am Sënn, dass se méi streng ginn. Ech zielen déi Beispiller elo net op. Déi fënnt jiddwereen an der Dokumentatioun erëm.

Et stelle sech awer e puer Froen an deem heiten Zesummenhang oder Suergen; ech wier och frou, wann ech déi kéint un d'Regierung wei-dergi respektiv eng Äntwert kréien.

Déi éischt Suerg, déi mir hunn, dat ass, et ass am Moment eng Tendenz, also e Versuch, fir déi Konventioun och auszudehnen op méiglechst vill Länner, wat jo u sech eng gutt Saach ass. Mä parallel zu deem Versuch, fir se auszudehnen op méiglechst vill Länner, gëtt et awer och d'Tendenz, fir heiansdo Saachen ze verwässeren an da Konzessiounen ze maachen. An dat ass eppes, ee Phenomeen, dee mécht eis Suergen, also net d'Ausdehnung, mä d'Verwässerung.

Deen zweete Problem, dee sech fir eis stellt, dat ass: D'Informationspflicht stëmmt fir d'effent-lech Hand, mä si stëmmt net fir d'privat Betri-ber. An et ass awer ganz dacks a private Betriber, wou mer och Problemer hunn, wou mer Ëmweltdaten bräichte vu private Betriber. Ech wëll elo net ArcelorMittal hei erauszeechnen, ob-schonn och do d'Fro sech stellt, mä se stellt sech och op anere Plazen, och an anere Länner.

Ech wëll drop hiweisen, dass d'Norweger emol eng kéier proposéiert haten, fir d'Obligatioun, fir d'Ëmweltdaten ze publizéieren, auszeweiten op d'Privatbetriber, an net just op d'effentlech Hand. An dat ass eppes, wat vun der EU-Kom-missioun a vun der EU direkt ofgeblockt ginn ass. Also, mir stellen eis awer d'Fro, ob dat net ee Schratt wier, dee mir sollte vu Lëtzebuerg aus féerden, fir déi Obligatioun vun der Mat-deelung och op d'Privatbetriber auszudehnen.

An déi drëtt Fro, déi sech stellt, mä dat léisst sech vläicht einfach klären, dat ass: Et geet jo och hei ëm de grenziwwerscheidende Beräich, iwwert den transfrontalieren Austausch, deen och net ëmmer evident ass. Vläch, well en net ëmmer déi noutwendeg Opmierksamkeet kritt. Mä et gëtt Leit, déi a Grenzgebiddere liewen, dat kenne mer jo och duerch Cattenom, ob-schonn et hei elo net ëm nukleare Stoffen geet, mä hei geet et ëm Bläi, Cadmium a Quecksël-wer haaptsächlech an der Loft an an de Stëb-ser. Mä deen transfrontalieren Austausch, wéi geschitt deen? Geschitt dee sur demande oder geschitt deen automatesch? Do, menge mer, géifen nach eng Rei Problemer bestoen.

Dat gesot, soe mer, dass dat heiten awer e Fortschrëtt ass par rapport zu deem, wat virdru bestanen huet. A mir wiere wierklech frou, wa mer kéinten och an der Ausdehnung vun der Obligatioun vum Datenaustausch op d'Privat-betriber do ee Schrack no vir maachen. Mä dat ass net an dësem Projet virgesinn. Mä mir wien-ner awer frou, wann dat eng kéier kéint och vun der Kommissioun mat der Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerg ugaange ginn.

Dat gesot, wann et esou eppes géif ginn tëschent Derfirstëmmen an Enthalung, da géif ech dat maachen, mä en attendant stëmme mer dann hei derfir, wéinst deene Verbesse-rungen, déi dat huet, trotz deene Froen, déi mer vläicht elo beäntwert kréien, an deene Be-denken, déi mer hunn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Domat si mer um Enn vun eiser allgemeng-er Diskussioun. An de Statsekretär am Ëm-weltministère huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Déve-loppement durable et aux Infrastructures.** - Jo, Merci, Här President. Ech wollt dem Här Negri Merci soe fir dee méi wéi kompletten an detail-léierte Rapport, soudass ech eigentlech zum Projet selwer näischt méi ze soen hunn, ausser Merci ze soen, him, mä och der Chamber, dass mer hei en unanimité Vote kréien an domadder och derzou bäidroen, dass dësen Amendement esou séier wéi méiglech a Kraaft trëtt, well et awer wichteg ass, dass net nëmme mir hei zu Lëtzebuerg héich Standarden hunn, mä dass mer lues a lues weltwäit esou héich Norme kréien. Well mer ebe grad gesinn, dass mer hei an engem Domän sinn, wou doudsécher d'Landesgrenzen net derfir suergen, dass eng Rei Schadstoff wäerten opgehele ginn.

Ganz kuerz eng Remarque zu deem, wat den Här Oberweis gesot huet. Dës Regierung ass sech voll bewosst, dass déi ganz Problematik Loftverschmutzung e ganz grave Problem ass, ech mengen, e Problem, deen och insgesamt an der Vergaangenheet ënnerschat ginn ass. Hien huet eng Rei absolutt pertinent Zuele ge-nannt. A wann ee géif de Schued vun deene Schadstoff héichrechnen, da wiere mer bei enorme Fraisen.

An dofir huet dës Regierung, och op Wonsch vum Nohaltegkeetsministère, en extra Groupe de travail interministériel zur Problematik Qua-lité de l'air agesat. Déi sinn amgaange mat schaffen. Dat huet ënner anerem och domat ze din, dass mer als Lëtzebuerg net nëmme bei den CO₂-Emissiounen jenseits von Gut und Böse sinn, wann ech dat esou däre soen, mä och bei de Stéckoxiden, an dass mer do riskéieren, als Nächste vu Bréissel ganz stramm ënner Drock ze geroden.

A wann ech lech soen, dass op europäeschem Plang och nach eng Diskussioun leeft, ob ech do éischter „fuel sold“ geholl gëtt fir d'Berech-nung wéi „fuel used“, da brauch ee sech net ze froen, a wéi eng Problematik dass mer do era-kommen. An da si mer och erëm am Kontext Tanktourismus.

Den honorabelen Här Oberweis krut haut vun eise Minister eng Äntwert op seng Fro, dass mer bis elo - bis elo, ech paken Holz un - glécklecherweis bei zumindest de PM10, deenen e bësse méi grouss Stëbspartikelen, nach eenegermoossen - ech betounen: eene-germoossen - gutt dostinn, op jidde Fall nach e gudder Krack ënnert den europäeschen Nor-men. A mir wëllen och dat Netz vu Miessun-gen, elo onofhängeg vum Flughafen, wat den Här Oberweis opgefouert huet, ausbauen op d'PM2,5 - dat ass eng nei Problematik -, vun deene gewosst ass, dass déi eventuell nach méi problematesch si wéi d'PM10. An dofir musse mer eis och e Budget ginn. Mä mir huelen déi Problematik vun der schlechter Loftqualitéit ganz eescht.

Dem Här Kartheiser kann ech hei op der Plaz spontan net äntwerten. Dat ass geduecht, dass mer eis do koordinéieren, och op euro-päeschem Niveau. Ech kann dat awer mathue-len. A wann déi Koordinatioun um Niveau vun den Ëmweltministèren ass, da ginn ech em ganz gären eng Äntwert, wéi mer eis dann och do positionéieren.

Zu de Froen vum Här Turpel. Ech mengen net, dass mer an deem heiten Domän awer do-duerch, dass mer méi Länner kréien, eng Ver-wässerung kréien. Dir hutt jo gesinn, dass een Deel vun deenen Amendementen hei ass, fir awer och e Stufemodell anzubauen. Ech mengen, dat muss een awer Einsteigerstate ginn. Mir kënnen déi Leit jo och net direkt mat der Guergel huelen.

Dir hutt jo awer, mengen ech, aus dem detail-léierte Rapport vum Här Negri héieren, dass mir zu Lëtzebuerg hei op jidde Fall eis net, sou-guer wann eng Verwässerung géif kommen, géife beandrocke loossen. An Dir hutt héieren, dass mer an dëser Direktiv, wéi an aneren, ganz oft der Zäit virus si beim techneschen Ëm-weltschutz, wat ganz oft och, stelle mer fest, de Betriber schlussendlech am Beräich vun der Kompetitivitéit zeguttkënn.

Esou ass et, hu mer elo festgestallt, dass eng nei Direktiv ënnerwee ass am Beräich och vun der Loftqualitéit. An do sinn eng Rei Firmaen zu Lëtzebuerg esou gutt opgestallt haut, dass mer virgesinn hunn, am Kader vun engem infor-melle Conseil des ministres eng vun deene Fir-mae kucken ze goen, fir ze weisen, dass Lëtze-buerg e Standuertvirdeel huet.

Ech mengen, bei der Verëffentlechung vun den Dokumenter hu mer ganz kloer Regelungen. An ech mengen, alles, wat ënnert déi aner Aar-



hus-Konventioun fällt, net déi heiten, mä déi iwwert d'Obligatioun vun de Staten am Kontext vun der Offelleung vun Ëmweltdaten, do hale mer eis strikt un dat, wat kënnt.

(Interruption)

Neen, do gött et jo och Jurisprudenzen, déi, mengen ech, Greenpeace hei am Land gemaach huet.

(Interruption)

Jo, ech mengen, et ass e Kompromiss tëschent der Konventioun vun Aarhus an dem Secret industriel. An ech mengen, alles, wat mir kënnen erausginn an däreren erausginn, dat wäerte mer selbstverständlech maachen.

Wann Der awer mam Kontext ArcelorMittal kommt, da wësst Der, dass mer méi wäit ginn. Mir hunn e problematesche Site um Belval, dat hutt Der déi lescht Zäit matkritt. Mä do waarde mer net, bis Leit Informatiounen froen, mä do ass e Comité de suivi, wou och Ëmweltorganisatiounen dra sinn, zesumme mat der ARBED a mat eiser Ëmweltverwaltung. Do ginn all Daten offegeluecht. Dernieft ass et awer esou, dass Der ganz vill op eisem Internetsite fannt. A wann Demandé kommen, si mir déi Éischt, déi Saachen erausginn. Mir hu keen Intérêt, do iergendeppes ze verstoppen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Statssekretär.

Domat wäere mer um Enn vun den Diskussiounen zum Projet de loi 6724 ukomm a mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6724 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote huet ugefaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi 6724 ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Martine Mergen), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord mat der Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6735, deen der Regierung et soll erlaben, sech un der Kapitalerhéijung vun der BIRD, der Internationaler Bank fir Entwécklung a Rekonstruktioun, ze bedeelegen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Guy Arendt.

9. 6735 - Projet de loi

- **autorisant le Gouvernement à souscrire à l'augmentation sélective du capital social autorisé 2010 approuvée par la résolution numéro 612 du Conseil des Gouverneurs de la Banque internationale pour la reconstruction et le développement en date du 16 mars 2011,**

- **autorisant le Gouvernement à souscrire à l'augmentation générale du capital 2010 approuvée par la résolution numéro 613 du Conseil des**

Gouverneurs de la Banque internationale pour la reconstruction et le développement en date du 16 mars 2011

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert dee mer op dëser Plaz Rapport maachen, ass den 28. Oktober 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis ofginn an d'Finanz- an d'Budgetscommissioun huet no dem Avis an der Sëtzung vum 24. Februar iwwert de Projet geschwat, an de schrëftleche Rapport ass den 3. Mäerz ugeholl ginn.

Am Gesetzesprojet, dee mer de Mëtteg diskutieren, geet et drëms, der Regierung ze erlaben, sech un enger Kapitalerhéijung vun der Banque internationale pour la reconstruction et le développement ze bedeelegen.

A mengem Exposé wëll ech kuerz op verschidde Punkten an dësem Kontext agoen:

1) Wat mécht dës Bank genau?

2) Firwat brauch si méi Kapital wéi bis elo?

3) Firwat ass et wichteg, dass Lëtzebuerg bei där Transaktioun matmécht?

D'Banque internationale pour la reconstruction et de développement ass en internationaalt Finanzinstitut, dat 1944 an deene bekannten Accorde vu Bretton Woods festgehalen gouf.

Ech brauch heibannen net ze soen, wéi wichteg et nom Zweete Weltkrich war, fir eis Ekonomien erëm fit ze maachen. An et war dës Bank, déi eis gehollef huet, erëm op d'Been ze kommen. Ouni d'Investissementen, déi nom Krich och an eist Land gefloss sinn, sténge mer elo net do, wou mer stinn. Dës Bank steet also fir d'Solidaritéit mat deene Länner, deenen et net esou gutt geet.

Ab deem Moment, wou hir éischt Missioun erfëllt war, huet d'Bank hire Fokus op d'Entwécklungslänner geluecht. An deem Sënn bitt se haut ganz konkret Servicer un, fir Länner bei hirer wirtschaftlecher Entwécklung ze ënnerstëtzen an d'Aarmut ze bekämpfen.

Ausser verschidde Finanzprodukte bitt d'Bank awer och hir Hëllef bei strategesche Froen un, andeems se mat Studien drop hiweist, wat fir eng Mesurë bei wéi enge Länner eppes brénge kéinten. D'Funktionsweis vun der Bank berëfft sech op de kooperative Modell, soudass haut 188 Länner an dëser Bank vertruede sinn. D'Bank bezitt e groussen Deel vun hire Finanzmëttelen iwwert déi international Marchéen, soudass se zënter 1946 iwwer 500 Milliarden Dollar un Entwécklungslänner schécke konnt, woubäi nëmme 14 Milliarden Dollar vun de Memberlänner zur Verfügung gestallt goufen.

Et sinn awer genau dës Sue vun de Memberlänner, déi et der Bank erlaben, schonns zënter 1959 vun dem Triple-A-Rating ze profitieren, wat et hir erlaabt, Suen zu gudder Konditiounen um Privatmarché ze kréien. D'Bank mécht nëmme eng kleng Marge, just genuch, fir hir Administratioun ze bezuelen.

Et handelt sech heibäi also ëm e Finanzakteur, dee souwuel bei den Investisseuren wéi och bei den Entwécklungslänner gutt ugesinn ass.

Zweetens ginn ech dann elo kuerz op d'Fro an, firwat d'Bank méi Eegekital brauch. An de Joren 2008 an 2009 huet d'Finanzkris derzou gefouert, dass d'Besoinen vun den Entwécklungslänner un Prête staark gestiege sinn. Wann elo méi Eegekital zur Verfügung steet, kann d'Bank natierlech och méi Suen um Privatmarché unzéien an esou méi investieren.

Et war och an dëser Zäit, wou d'Bank iwwerluecht huet, hir intern Regeln ëmzeänneren, fir dass d'Entwécklungslänner besser representéiert wieren, wat d'Stëmme bei den Décisiounen ugeet.

Sou gouf 2009 festgehalen, fir de Pool u Stëmmen ze vergrësseren a fir dem afrikanesche Kontinent méi Pouvoir ze ginn, andeems Afrika ee Sëtz bäikrut. 2010 gouf dann décidéiert, fir eng Kapitalerhéijung duerchzeféieren, duerch déi d'Entwécklungslänner och erëm méi Pouvoir zougesprach kruten. Dëst, well verschidden Entwécklungslänner sech bei dëser Transaktioun méi staark bedeelege wéi aner. Doduerch klëmmt den Undeel u Stëmme vun den Entwécklungslänner vun elo 42,6 op da 47,19%. Besonnesch China, Brasilien an Indien kréien esou méi Matsproocherecht an der Bank.

Fir Lëtzebuerg ännert sech beim Stëmmrecht näischt. Eisen Undeel bleift bei 0,12%.

Ech wëll net ze vill Wieder verléieren iwwert déi technesch Aspekter vun der Kapitalerhéijung, ausser dass dës Detailler an zwou Décisiounen vum 16. Mäerz 2011 festgehalen goufen, an zwar sinn dat d'Resolutiounen N°612 a 613.

Kuerz nach zum finanziellen Impakt: Lëtzebuerg wäert 637 Aktien am Wäert vu jee 120.635 Dollar ënnerzeechnen, woubäi awer nëmme 6% vum Gesamtwäert fräigesat mussen ginn, soudass dat 4.610.670 Dollar ausmécht. Wéi vill dat elo genau an Euro gött, hântk vum Wiesselkurs vum Dag vun der Transaktioun of. Esou, wéi de Cours de Moment ass, wär de Géigewäert ongeféier 4.245.800 Euro, also duerch de Fall vum Wäert vum Euro eng substanzuell Erhéijung vun dem Invest am Verglach mat dem Datum vum Dépôt vum Projet de loi.

Et ass nach ze soen, dass mer bal a Versuch sinn, well mir hu bis zum 15. Abrëll, fir déi Augmentatioun ze zeechnen. D'Regierung huet en Ausstand vun engem Joer gefrot, soudass mer eigentlech dann awer kee Problem hunn.

Drëtens, d'Fro: Firwat ass et wichteg, dass Lëtzebuerg bei dëser Transaktioun matmécht?

Wéi ech dat kuerz erkläert hunn, handelt d'BIRD am Gedanke vun der Solidaritéit, enger Solidaritéit, déi eise Land nom Krich zeguttkomm ass; enger Solidaritéit, déi elo anere Länner zegutt soll kommen.

Zudeem hântk d'Liewensqualitéit hautdesdaags och vun der Entwécklung vun deenen anere Länner ronderëm eis of. An enger globaler Wirtschaft, wéi mer se haut hunn, kann et eis nëmme gutt doen, wa Länner wéi China, Brasilien oder Indien och wuessen, wann d'Leit an dës Länner d'Moyene kréien, fir sech hir Liewensqualitéit opzebauen. Et ass duerfir wichteg, dass dës Länner bei hirer Entwécklung gehollef kréien.

Dass eist Land seng international Responsabilitäten iwwerhëlt, steet ausser Fro, dat, fir den Image vun eise Land, mä och aus Solidaritéit, fir dass aner Länner sech esou entwéckele kënnen, wéi och eist Land dat gemaach huet.

Zum Schluss wëll ech dann och nach dem Finanzminister a senger Leit Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. A well mir vum virleiende Gesetzestext iwwerzeegt sinn, bréngen ech och heimat den Accord vun der DP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur fir d'Éischt Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen, mä och gudder mëndleche Rapport.

En huet drun erënnert, dass mer eigentlech vun där Bank do, déi en Deel vun dem Grupp vun der gesamter Weltbank ass, profitéiert hunn, fir eist Land erëm opzebauen no dem Krich. Et ass also en historesche Kontext. Den historesche Kontext, deen huet eigentlech geännert, well ee gesäit, dass mat där neier Kapitalerhéijung eigentlech déi Schwellelänner méi Stëmmrechter kréien, e bëssen au détrimen vum den traditionellen Ekonomien.

Fir eis ass et awer och wichteg, an duerfir wäerte mer als CSV dës Projet droen, well de Fait, dass mer Member sinn als klengt Lëtzebuerg an deenen Institutiounen, dat heescht och, dass mer an engem verännerte Weltbild eis Plaz op der Weltkaart nach ëmmer verdéngt hunn.

Den zweete Punkt ass deen: Wat ass de budgetären Impakt? Dat muss an Dollare bezuelt ginn. Dat ware beim Datum vum Dépôt, ech mengen, 4,5 Milliounen Dollar, deemools. Do ass et ëmgeréicht ginn, an dat waren deemools - mat engem Cours, mengen ech, vun 1,33 US-Dollar par rapport zu dem Euro - 3,4 Milliounen. Elo sinn et 800.000 Euro weider.

D'Resolutioun gesinn eigentlech vir, dass een déi Souscriptionsperiod kënnt verlängeren. Fir deen een Accord geet se méi kuerz, mä fir deen aneren, mengen ech, ass eng Verlängerung vu bis zu siwe Joer méiglech. An duerfir wollte mer de Finanzminister froen, ob en déi Souscriptionsperiod wëllt nach weider erauszéien, an der Hoffnung, dass erëm eng Keier de Cours sech géif änneren.

Fir de Rescht soen ech lech op jidde Fall Merci an ech gi selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi, wou den Ursprung eigentlech nach op déi fréier Regierung och zrëckgeet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, ech soen och dem Rapporteur Guy Arendt Merci fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport a ginn den Accord vun der gréngrer Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus wëlle mer dem

Kolleeg Guy Arendt Merci soe fir säi Rapport. Ech mengen, en ass ganz am Detail op de Sënn an Zweck vun dësem Projet de loi agaangen.

An ech mengen, et ass wichteg, wéi meng Virriedner dat och ënnerstrach hunn, dass mer als Lëtzebuerg eise Bäitrag do leeschten an dass mer déi Unerkennung dohinner ginn, wou se gehéiert, well mir an der Vergaangenheet jo och dovunner konnte profitieren.

Duerfir Merci an d'Zoustëmmung vun eise Grupp.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. D'BIRD ass eng vun de fënnf Institutiounen vun der Weltbank, wéi Der wësst. An eigentlech de Virleef, déi Weltbank, déi zu Bretton Woods gegrënnt ginn ass 1944. Ursprénglech, an doru kann ee sech vläicht erënnern, war eigentlech de Sënn ee vill méi staark interventionisteschen.

Et kann een drun erënnern, dass de Keynes - dee britesche Gesandte war zu Bretton Woods an Haaptverhandler - an och d'Amerikaner am Fong geholl, de Roosevelt, eng Rei Leit geschéckt hunn, wéi den Harry White oder den Henry Morgenthau, déi am Fong geholl eigentlech Unhänger vum Keynes waren, iwwerzeegt waren, dass ee misst eng „keynesianesch“ Politik bedriewen. Natierlech ass et den Amerikaner awer dorëms gaangen, fir hir imperial Interesse weltwäit duerchzesetzen, an och an den europäeschen Nokrichslänner, dorënner zwou Kolonialmuechten, Groussbritannien a Frankräich, fir den amerikaneschen Export ze sécheren.

An den Ae vum Roosevelt dréit d'Wall Street d'Schold um Fiasco vum Zweete Weltkrich. 1929, d'Kris huet Däitschland dozou bruecht, fir 1931 am Fong geholl seng Scholde vis-à-vis vun den Engländer, Frankräich, der Belsch an Italien anzustellen a seng Aussenhandelsschold ze kënnegen. Als Äntwert huet d'USA dann hir Kapalexporter an hir Importer gekierzt, wat dann déi nächst Kris, wat d'Weltkris am Fong geholl verschäerft huet.

De Problem vun den USA ass deen, dass souwuel d'Wall Street wéi d'Amerikaner ëmmer Drock gemaach hunn, fir dass am Fong geholl d'Weltbank net dierft op Prête vun private Maart zrëckgräifen, pardon, net dierft Prête maache vun de private Mäert, mä dass am Fong geholl déi Fonds propres, déi d'Weltbank wollt opmaachen, net zustane komm sinn.

De Roosevelt huet och derfir gesuergt, dass am Fong geholl déi dräi Haaptproposen vun der Weltbank, dass déi fale gelooss gi sinn: nämlech eng Eenheitswährung vun der Weltbank, „Unitas“ oder „Bancor“, wéi de Keynes et genannt huet, an d'Weltbank net direkt, an dat ass dat, wat ech wollt soen, dierft Prête verginn aus eegene Fongen, mä muss op de Privatmaart léine goen. An en drëtt Uleies, wat am Fong geholl fale gelooss ginn ass, ass d'Stabilitéit vun de Coursen vun de Rohstoffe.

De Prinzip vun der Weltbank, an dat ass dat, wou mer hei dermat konfrontéiert sinn, ass net dee vun „engem Land, eng Stëmm“, mä déi verschidde Länner hunn hir Stëmme proportional zu der Gewichtung, déi se wirtschaftlech duerstellen. Och doriwwer ass et vill Sträit ginn. Dat heescht, et ass praktesch en Zensuswahlrecht, iwwert dat et vill Sträit ginn ass. 1947 ass am Fong geholl festgehalen ginn, dass déi grouss kapitalistesche Natiounen 70% vun de Stëmme géifen totaliséieren, Afrika 2,34% a Südostasien 11,66%, de Mëttleren Orient 2,24% a Südamerika insgesamt 8,38%.

Den Haaptuleien vun deem, wat mer haut stëmmen, déi zwou Resolutiounen 612 a 613, ass jo een duebelen: engersäits déi selektiv Augmentatioun vum Kapital, dat heescht eng nei Gewichtung vun de Stëmmrechter, wéi dat hei erkläert ginn ass, zugonschte vun den Entwécklungslänner. Dat heescht en Transfert vu 4,99% zugonschte vun de Pays en développement et en transition. Dorënner awer haapt-sächlech déi sougenannte BRICS-Staten: China, Brasilien, Russland an Indien. An zweetens eng generell Augmentatioun vum Kapital, also d'Erhéijung vum globale Kapital vun der BIRD als Folleg vun der Finanzkris.

D'Gewichtung vun de Stëmmrechter ass ee kleng Schrack, well se an der Emverdeelung... well se am Fong geholl awer nach weider dominiéiert gëtt vun deene grouss kapitalisteschen Natiounen.

Mä wat deen anere Volet ugeet, deen een onbedéngt muss ervirträchen, dat ass, dass am Fong geholl d'Weltbank d'Débiteuren, an dësem Fall déi sougenannten Entwécklungslänner en voie de développement et de transition, forcéiert huet, fir Strukturereformen ze maachen, déi katastrophen waren. An deem Sënn ass och de Bilan vun der Weltbank katastrophen!